LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.:

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 11:16, 24/11/2020

Luxembourg, le 24. 11. 20

Objet: Question parlementaire n°3033 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°3033 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen

1. **Wéi vill Déierenasyler existéieren aktuell zu Lëtzebuerg, a wéi vill Plaze fir wéi eng Déiere ginn et, opgelëscht no Déierenasyl?**

   Aktuell ginn et 5 autoriséiert Déierenasyler zu Lëtzebuerg mat verschiddene Kapazitéiten:
   Gaasperech: Plaz fir 75 Hënn a 40 Kazen
   Diddeleng: Plaz fir 10 Hënn a 40 Kazen
   Schëffleng: Plaz fir 10 Hënn a 40 Kazen
   Esch: Plaz fir 11 Hënn a 25 Kazen
   Tuntange: Plaz fir 30 Widderkäuer (grouss a kleng), 10 Päerd/Ponyen/Ieselen, 2 Schwäin, 40 Hénger/Gänsen/Inten, 4 Hënn, 4 Kazen, 200 Nager/Kanéngercher/Ziervigel

2. **Wéi vill Déierenasyler wäerten an den nächste Joren nach opgemaach ginn a fir wéi eng Déieren?**

   Demande fir Autorisatioune fir een Déierenasyl opzemaachen ginn vum Ministère ënnert anerem och finanziell ënnerstëtzt. Aktuell leien dem Ministère keng nei Demande vir.

3. **D'Déiereschutzgesetz leet an den Artikelen 12 Punkt 3 a 17§2 Punkt 8 d'Aussetze vun Déieren als Strofdot fest, déi tëschent 251€ an 200.000€ kaschte kann.**

- **Wéi vill Déiere ginn all Joer zu Lëtzebuerg vun hire Proprietären ausgesat, ouni datt de Proprietär ausfënneg gemaach konnt ginn?**
- **Wéi oft gouf dës Infraktioun bis elo zu Lëtzebuerg konstatéiert, a wéi vill Mol gouf d'Strof am Artikel 17§2 an dësem Kontext applizéiert?**

   Am Laf vun de leschten Joren, konnt kee Verstouss festgestallt ginn an soumat ass keng Strof ausgeschwat ginn.

4. **Mam Bezuch op déi vireg Fro, korreléiert d'Unzuel vun den ausgesatenen Déiere mat der Zuel un ausgeschwatene Strofen? Falls nee, wéi eng Pisten envisagéiert de Minister, fir d'wëllt Aussetze vun Déiere besser ze vermeiden?**

   An deene Fäll, wou de Proprietär net konnt ausfindeg gemaach ginn, ass et och net méiglech, déi Persoun(en) ze strofen. An deem Kontext ass et ëmsou méi wichteg, d'Proprietären iwwert d'Wichtegkeet vun der Identifikatioun an der Registréierung vun hiren Déieren opzeklären.